ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 27/06/2023

Rapport vun der Jugend Kommissioun 21.06.2023

Presenzen

Present	Net present
Jyll Duschinger	Nathalie Simon (excuséiert)
Patrick Lucas	
Patrick Cincis	
Tessy Arend	
Marie Sadler	
Miguel Moreira Cardoso	
Lynn Mangen (Redaktioun vum Rapport)	

1. Open Air Kino

- De Sunset Cinema huet d'Reiefolge vun de Filmer kritt. Sie wäerten och Reklamm op hire soziale Medie maachen. D'Marie freet sie, dass sie Freides réicht ab 17:00 opriichten kommen.
- Tessy stellt säi Gas-Grill zu Verfügung. Hat këmmert sech och em zwou Gas Fläschen. D'Rechnung geet dann op d'Gemeng.
- D'Lynn këmmert sech em Chipsen, Nëss a M&M's.
- Mir kréien zwee Zelter vun der Gemeng. D'Tessy brëngt säin eegent Zelt mat fir iwwert d'Keess an d'Marie brëngt Steedescher mat. De Frigo kréie mir vun der Gemeng. D'Marie freet ze Huelmes bei der Jugendherberg no ob mir d'Zapanlag geléint kréien. Wann net, dann léinen mir eng beim Wallers.

Helperknapp, 27/06/2023

- Freides grillt de Club des jeunes vu Béiwen, Samschdes de Männerchouer a Sonndes Theaterfrënn. Mir këmmeren eis em d'Fleesch an em d'Präislëscht.
- Mir bestellen 100 Bifana, 100 Thüringer, 100 Kéiswuppen and 50 Mettwurschten iwwert d'Gemeng (d'Lynn freet dat no). Dann bestelle ma och nach Ketchup, Mayonnaise, Moschtert an Andalouse. De Patrick an d'Jyll bestellen 120 Bréidercher/pro daach ze Brouch beim Bäcker.
- D'Marie bestellt d'Gedrénks a Plastik Schampes Glieser beim Wallers esou wéi d'lëscht Joer. D'Lynn freet op der Gemeng no fir 200 Bechere mam Logo. Mir kënnen d'Becheren an der Koll spullen.
- D'Tessy këmmert sech em Zervéite an em Äschebecheren
- D'Marie bestellt Dixien a freet op et méiglech ass déi mat enger Luucht ze kréien. Wann net bréngt Tessy Baustellenluuchten mat. Et kann een och de Steve froen ob mir déi grouss Luuchten dimme kennen. Ausserdeem wier et gutt wann d'Luuchten um Parking uwieren. Tessy an d'Marie maachen ee rendez-vous mam Steve aus
- Et ginn Schëlder fir de Wee ze weisen gemaach
- Mir fueren erëm mat Bongen. Et muss opgepasst ginn, dass des Kéier genuch Mënz ugefroot ginn wéinst dem Pfand. D'Tessy mëscht och separat Bonge fir d'Gegrills.
- Flyeren ausdeelen:

  Marie → Kuelbecherhaff, Claushof, Ansembourg, Bour, Marienthall Huelemes a Tënten (mam Jyll a eventuell mam Tessy)

  Lynn → Béiwen

  Miguel → Bill, Openthalt, Finsterthal, Bëschdref, Gréivenknapp

  Nathalie a Patrick Lucas → Brouch

Helperknapp, 27/06/2023

2. Präsenzlescht

- D'Präsenzlescht fir 2023 gouf vun jidderengem deen do war ennerschriwwen, an d'Marie gett dës un d'Gemeng weider.

3. Divers

- D'Jugendkommissioun huet sech virun den Walen (cf. Rapport 11.05.2023) vill Froen gestallt wéi et no den Walen mat der Kommissioun weidergeet. An deem Sënn huet jiddereen dofir gestëmmt dass an dëser Konstellatioun wéilt weider geschafft ginn, an dofir wéilten mir eis gären dem néien Schäffen a Gemengerot virstellen.
- Et war och jiddereen dofir dass d'Posten nämmlecht verdeelt bléiwen (Marie Sadler: Presidentin ; Tessy Arend: Vizepresidentin ; Lynn Mangen: Sekretärin). Jiddereen war domat averstane dass an der Kommissioun eng gutt Aarbecht geleescht gouf (zB Open air Kino an d'Kürbis dekoréieren).
- De Projet "Jugendhaus" huet eis scho ëmmer interesséiert an mir haten och scho puer Ideen am Kapp un deenen mir weider zesummen schaffen wëllen.